TEAM BËSCHSCHOUL-BËSCH MR

En Dag am Bësch

Um 6 Auer 30 kennt eng Educatrice fir den Accueil vun de Kanner ze maachen.

Um 7 Auer 45 geet d‘Educatrice mat de Kanner aus dem Weenchen an d‘ Vestiaire an hëlleft de Kanner sech prett maachen fir eraus an de Bësch. Dann ass och d‘Léierpersonal schon do fir alles fir e Moien am Bësch ze paken a fir d‘Kanner an d‘Elteren ze begréissen.

An där Zait tauschen och d‘Educatrice an d‘Léierpersonal sech aus a ginn sech schon Informatiounen iwwert d‘Kanner wieder.(Zum Beispill: wien ass krank, huet net gutt geschlof, geet éischter heem etc??.)

D‘Vivianne hëlleft de Kanner sech undoen

D‘Kanner komme lues a lues un a mär tauschen eis aus.

WEEN ASS KRANK? ASS EPPES EXTRAES?

De Weenchen ass prett fir an de Bësch.

Dono um 8 Auer 15 iwwerhëllt d'Schoulpersonal d'Kanner an et geet Richtung Bësch.

D'Personal aus der MR huet dann entweder frai, Versammlung oder huet Stonnen an eiser Bëschcrèche, déi och um Site ass

Um 11 Auer 30 kennt den éischte Grupp aus dem Bësch an d'Educatrice hëlleft de Kanner sech ausdoen a wäschen fir d'Iessen. Do beschwätzen Schoul a MR och de Moien vun de Kanner an tauschen Infoen iwwert d'Kanner aus.(ass et engem Kand net gutt, ass ee Kand extre gutt drop, etc…)

Do si mer rem!
Hongreg a knaschteg ☺

Dr. Anner
Gasthen
sport.

Elo sinn se prett fir bei den Dësch

Gutt datt mer all eng Hand upaken.

D‘Kanner maachen sech propper

Um 12 Auer kennt den 2te Grupp an um 12 Auer 30 den 3te Grupp.

Nom Ausdoen ginn d'Kanner mat der Joffer an den Iessweenchen, wou schonn eng Educatrice den Dësch gedeckt huet an d'Iessen prett fir d'Kanner do steet. Och do schaffen MR a Schoul Hand an Hand. Dono ginn d'Kanner an e Weenchen schaffen. Des Weenercher ginn esou wuel vu Schoul wéi MR genotzt.

D‘lesse kennt?

Eng Grupp
ass schon um
lessdësch.

All[illegible]summen iesse
[illegible]hwö[illegible]en
[illegible]e Moien
[illegible]esch.

Wann et gutt ass, iesse mer dobaussen.

Nom lessen gett nach geschafft a gespillt an de Weenercher.

Dese Grupp mëcht nach eng Aktivitéit virum lessen.

Um 13 Auer 50 ginn déi eng Kanner Heem an déi aner bleiwe nach an der MR wou se bis 18 Auer 45 nach Aktivitéiten mat den Educatricen kenne maachen.

Ameisem
Longort gett
Villgespill.

Alles wat mer hunn, deelt sech MR a Schoul.

An der Bëschschoul ass et esou, datt alles wat do steet vu Réimlechkeeten genau esou vun der Schoul, wéi och vun der MR genotzt gett. De Wiessel vu Schoul op MR oder vu MR op Schoul leeft emmer iwwereneen an ass fir d'Kanner mat vill manner Stress verbonnen.

Och Versammlungen maache mer e puer mol am Joer zesummen, wa Saachen ze beschwätze sinn.

3 mol am Joer maache mer och zesummen e Fest fir eis Kanner an hier Elteren. Am Oktober/November en Zoppefest, am Abrëll en Ouschterbrunch an fir de Summer e Grillfest.

E puer Aktivitéiten am Bësch

Eise Kannerbongert

Eise
Bongert ☺